CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**
**Lëtzebuerg, den 27. Juli 2019**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 JUIL. 2019
979

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et am Artikel 83 virgesäit, bieden ech Iech, folgend parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch weider ze leeden

Duerch déi grouss Hetzt hunn op verschiddene Platzen am Land Bëscher a Wise gebrannt. Eng effikass Brandbekämpfung vun sou Bränn ass de Loftwee, duerch entweder ee speziell equipéierten Helikopter oder ee Läschfliger. Laut Medieninformatiounen huet Air Rescue dat deementspriechend Material an hirem Besetz, kann et awer net asetze well Piloten eng speziell Formatioun musse besetzen där hire Käschtepunkt sou héich ass, dass d'Air Rescue déi mat hire Mëttelen net stemme kéint.

Wessend dass den Helikopter vun der Air Rescue mëttlerweil ee wichtege Bestanddeel vun dem Rettungswiesen duerstellt, géif ech der Madamm Inneministesch gäre folgend Froe stellen :

- Kann Madamm Minister mir déi uewe genannte Problematik bestätegen ?
- Wa jo, ass Madamm Minister net der Meenung, dass et un der Zäit wier, dass de Staat déi Formatioun vun de Pilote géif iwwerhuelen ?
- Wa nee, wat schwätzt dergéint ?
- Ass Madamm Minister bereet mat den Acteuren aus der Groussregioun Gespréicher opzehuele fir zb eng géigesäiteg Hëllefsstellung am Fall vu Bësch- oder Flächebränn ze garantéiere respektiv fir gemeinsamt Material unzeschafen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen

**Marc Spautz**
**Deputéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 2 septembre 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
03 SEP. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n°979 du 29 juillet 2019 de l'honorable Député Marc Spautz concernant les formations spéciales pour le transport aérien de matériel de combat d'incendies**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Pour la Ministre de l'Intérieur

Alain Becker
Premier conseiller de gouvernement

Boîte Postale 10 L-2010 Luxembourg FAX 221125

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina BOFFERDING, op d'parlamentaresch Fro n° 979 vum honorabelen Deputéierten, Marc SPAUTZ**

Den honorabelen Deputéierte freet a senger parlamentarescher Fro Präzisiounen iwwer d'Bekämpfung vu Vegetatiounsbränn aus der Loft.

Déi Bëschbränn, mat deene mir an de vergaangene Woche konfrontéiert waren, si weder vun hirer Envergure, nach vun hirem Brandverlaf mat deenen ze vergläichen, déi et ënner anerem a Südeuropa ginn. Dat huet als éischt domat ze dinn, dass d'lëtzebuerger Vegetatioun eng aner ass. Bëschbränn sinn hei am Land zum gréissten Deel Buedembränn am Ënnerholz vun de Bëscher, déi sech lues weiderentwéckelen, am Géigesaz zu Vollbränn vun haarzhaltege Beem, wéi se a Südeuropa virkommen.

Weiderhi wëll ech dorop hiweisen, dass d'Brandbekämpfung aus der Loft, een Element an enger ganzer integréierter nationaler Strategie fir Vegetatiounsbränn ass, déi de Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) amgaang ass, auszeschaffen an en Place ze setzen.

Am Kader vun dëser Mise en Place schwätzt näischt dogéint, fir mat der Luxembourg Air Rescue (LAR) iwwer eng Prise en charge vun hiren eventuelle Käschten emol ze diskutéieren.

Lëtzebuerg huet säit Jorzéngte bilateral Verträg mat den Nopeschlänner iwwert eng grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht bei Katastrophen a groussen Ongléckställ, déi och eng géigesäiteg Hëllefstellung am Fall vu Bësch- a Flächebränn virgesinn. D'Aktualitéit aus de leschten Wochen huet bewisen, datt dës Zesummenaarbecht och an der Praxis ganz gutt funktionéiert, wat u rezente Beispiller (Athus – 14/7, Ottange – 25/7, Sanem – 31/7) kann däitlech gemaach ginn.

Säit dem leschte Joer leeft am Kader vun der Zesummenaarbecht tëscht de Rettungsdéngschter aus der Belsch, Däitschland, Frankräich a Lëtzebuerg de projet "Inter'red", mam Ziel, niewent der Zesummenaarbecht tëschent de Leitstellen an den Ausbildungsinstituter, gemeinsamt Asazmaterial ze beschafen. Am Kader vun der nationaler Strategie fir Vegetatiounsbrandbekämpfung, ass et och virstellbar, Material iwwert de Wee vun engem "Interreg Projet" ze finanzéieren.